



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1991 vum 28. Februar 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

1. Wéi kënnen déi Leit maachen, déi net domadder averstane sinn, dass hir Cotisatiounen a Rëschtungskonzerner investéiert ginn?

Eise Pensiounssystem baséiert op der Solidaritéit ënnert de Generatiounen, d.h. e berout op enger Finanzéierung duerch Ëmverdeelung, an Oppositioun zu engem System deem iwwert eng Kapitaldeckung finanzéiert gëtt. D'Beiträg vun den aktive Versécherte gi benotzt fir d'Pensiounen vun deene Leit ze bezuelen, déi hiert aktiivt Berufsliewen ofgeschloss hunn. Op déi Manéier stëtzt an ënnerstëtzt déi Generatioun, déi am Berufsliewe steet, déi Generatioun, déi net méi aktiv ass. D'Cotisatiounen ginn also net individuell ugespuert, wéi dat de Fall an engem System mat Kapitaldeckung wier an den eenzele Versécherten huet sou och keng legal Méiglechkeet fir iwwert d'Finalitéit vu senger Cotisatiounen mat ze decidéieren.

Säit der Finanzéierungsreform vun 1985 ass de globale Cotisatiounssaatz esou opgedeelt, dass de Salarié, säi Patron an de Staat jeeweils 8% vu sengem Loun, plafonéiert op fënnef mol de Mindestloun, all Mount als Beitrag un de Centre commun vun der sécurité sociale abezuelen.

Dee Betrag gëtt all Mount un d'Pensiounskeess iwwerwise fir déi aktuell Pensiounsleeschungen ze decken an e Fonds de roulement vun 20% ze bilden, gerechent op Basis vum globale Montant vun de Leeschungen vum Joer virdrun. Een eventuellen Iwwerschoss vun de Beiträg zu de genannte Charge gëtt un de Pensiounsfond (FDC) iwwerwisen. Dësen Iwwerschoss gëtt da vum FDC, laut Artikel 248 vum Code de la Sécurité sociale, nom Prinzip vun der Risikodiversifikatioun op de Finanzmäert investéiert, also breet gefächert a verschidden Investissementskategorien, Länner, Secteuren a Firmen.

An éischter Linn ginn also dem Versécherten seng Beiträg geholl fir Pensiounsleeschungen ze bezuelen. Massiv Investissementer vu Cotisatiounen a schiedlech Firmen oder Secteuren oder gezielt Investissementer vu Cotisatiounen a Rëschtungskonzerner kënnen et sou och net ginn. Et sief hei nach ze bemierken, dass den FDC iwwert déi lescht Joren nei Liquiditéit virun allem nohalteg investéiert huet. Dëst kann een och alles noliessen am FDC sengen Nohaltegekeetsberichter¹ déi iwwert seng Internetsäit verëffentlecht ginn.

¹ [INVESTISSEMENT RESPONSABLE - Fonds de compensation commun au régime général de pension](#)



2. Wéi stinn d'Ministesch an d'Regierung zu engem System, an deem de Bierger selwer bestëmme kann (zum Beispill mat engem Klick op myquichet.lu), ob de Pensiounsfong seng Cotisatiounen an ethesch a klimafrëndlech Projeten investéiert oder net?

Den FDC krut vum Législateur d'Missioun d'Suen déi an der Reserve sinn, ze verwalten. De Code de la Sécurité sociale gesäit a sengen Artikelen 260 bis 268 vir wéi dat soll geschéien.

De Verwaltungsrot vum FDC setzt sech aus Verrieder vum Staat a vun de Sozialpartner zesummen, also deenen 3 Partner déi zesummen d'Recette'en vum FDC generéieren well si d'Cotisatiounen bezuelen a mat dem Iwwerschoss vun den Recette'en dann d'Reserve gespeist gëtt.

Déi detailléiert Politique de Placement sou wéi all weider nützelech Informatiounen zur Gestoun vum FDC fënnt een op [Fonds de compensation commun au régime général de pension](#).

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez